

**MÉI NO. MÉI BEWEEGEN.
MÉI KOPLESCHT.
MÉI BRIDDEL.**

LËSCHT
4



Onse Walprogramm | Notre programme électoral | Our Election Program

2023-2029



R.W.

O. Pirrotte

ONSE WALPROGRAMM FIR 2023-2029

Zesumme wëlle mir ons Gemeng a folgende 5 Themeberäicher weider no vir bréngen.

1. Ëmwelt a Wuelbefannen	4
2. Mobilitéit a Verkéierssécherheet	8
3. Kanner a Jugendlecher	12
4. Nei Duerfgestaltung a Kommoditéiten	16
5. Soziales a Kultur	20

NOTRE PROGRAMME ÉLECTORAL POUR 2023-2029

Ensemble, nous voulons faire progresser notre commune dans les 5 domaines thématiques suivants.

1. Environnement et bien-être	4
2. Mobilité et sécurité routière	8
3. Enfance et jeunesse	12
4. Nouveau développement urbain et commodités	16
5. Services sociaux et culture	20

OUR ELECTION PROGRAM FOR 2023-2029

Together we want to move our commune forward in the following 5 thematic areas.

1. Environment and Well-Being	4
2. Mobility and Road Safety	8
3. Children and Youth	12
4. New Urban Development and Commodities	16
5. Social Services and Culture	20

EN SAVOIR PLUS SUR NOS CANDIAT*E*S :
MORE ABOUT OUR CANDIDATES:



JENNIFER BINTENER, 39 (LU)
INDÉPENDANTE

Member vun der Bautekommissioun, Member vum Comité CSV Sektioon Koplescht-Briddel, bestuet, 2 Kanner, Briddel



LÉON GLODT, 67 (LU)
GEMENGEROT, ARCHITECTE-URBANISTE

President vun der Bautekommissioun, Member vum Comité CSV Sektioon Koplescht-Briddel, Grënnungsmember vun der KulturASBL, Member vum Conseil d'administration vun der Freed um Liewen ASBL (Crèche "Botterblumm"), Member vum Comité vum SIDERO, 1 Kand, Briddel



SIMONE HÉDO ÉP. DE BOURCY, 48 (LU)
INDÉPENDANTE

Responsabel fir d'Comptabilitéit an der Familljenapdikt, Member vum Comité CSV Sektioon Koplescht-Briddel, Sekretärin vum Conseil d'administration vun der Freed um Liewen ASBL (Crèche "Botterblumm"), Member vum Comité vun der Lokalsektioun vun der Croix-Rouge, bestuet, 3 Kanner, Briddel



OLIVIER MEYERS, 52 (LU)
WIRTSCHAFTSINGÉNIEUR

Member vun der Bautekommissioun, Member vum Comité CSV Sektioon Koplescht-Briddel, bestuet, 1 Kand, Briddel



ANAÏS SARA RASTEGAR, 26 (LU, BE)
STUDENTIN

Studentin am Bachelor fir europäesch Kulturwëssenschaften – Spezialitéit Franséisch, Sekretärin vun der CSV Sektioon Koplescht-Briddel, Member vun der Finanzkommissioun, Member vun der Sport, Jugend an Fraizäitkommissioun, Koplescht



TOURAJ RASTEGAR, 52 (BE)
ANESTHÉSISTE-RÉANIMATEUR

Member vun der Ëmwelt- a Liéwensqualitéitkommissioun, Member vum Comité CSV Sektioon Koplescht-Briddel, Member vum Conseil d'administration vun der Freed um Liewen ASBL (Crèche "Botterblumm"), 5 Kanner, Koplescht



VÉRONIQUE SCHEER, 49 (LU)
HAUTE FONCTIONNAIRE

Cheffe de service bei der Stad Lëtzebuerg – Développement économique et commercial & Relations internationales, Member vum Comité CSV Sektioon Koplescht-Briddel, Member vun de Représentants des parents d'élèves (RPE), Grondschoul Briddel, bestuet, 2 Kanner, Briddel



TOM SCHOR, 37 (LU)
GEMENGEROT, INFORMATIKSINGÉNIEUR

President vun der Sport, Jugend an Fraizäitkommissioun, Vizepresident vun der CSV Sektioon Koplescht-Briddel, Member vum Comité vum SIGI, gepacst, 1 Kand, Briddel



THIERRY SCHUMAN, 63 (LU)
BUERGERMEESCHTER, BANKEMPLOYÉ

Nationaltresorier CSV, Member vum Comité CSV Sektioon Koplescht-Briddel, Member vun der Finanzkommissioun, Member vun der Finanzkommissioun vum SIDOR, Grënnungsmember a President vun der Solidaritéit Koplescht-Briddel ASBL, bestuet, 3 Kanner, Briddel



CHLOÉ VAUDOIS, 27 (LU, FR)
INDÉPENDANTE

Propriétaire a Gérante vun engem Muppessalon, Propriétaire a Gérante vun enger Agence immobilière, Member vum Comité CSV Sektioon Koplescht-Briddel, Member vun der Sport, Jugend an Fraizäitkommissioun, Member vun der Sichhënn ASBL, 1 Kand, Briddel



RAOUL WEICKER, 44 (LU)
SCHÄFFEN, PHILOSOPHIEPROFESSOR

Delegéierte fir Erwuessebildung, President vun der Schoullkommissioun, President vun der CSV Sektioon Koplescht-Briddel, Member vun der Finanzkommissioun vum SICA, Quêteur Croix-Rouge (Lokalsektioun), Grënnungsmember a Sekretär vun der Solidaritéit Koplescht-Briddel ASBL, bestuet, 3 Kanner, Koplescht



R.W.

ËMWELT A WUELBEFANNEN

1. Mir ginn all onse Bierger d'Méiglechkeet, selwer Projeten zum Thema Liewensqualitéit an onser Gemeng virzeschloen. Heifir organiséiere mir all Joer e Concours fir déi beschten Iddien a gesinn en extrae Budget vir (z.B. Bau vun enger Infrastruktur, Verschéinerung vun enger Plaz duerch Neibepflanzen). Bei grouse Projeten an der Gemeng wäerte mir ons Awunner weider iwwert Biergerbedeelegung aktiv abannen. Mir optimiséiere d'Gemengeservicer weider, besonnesch a Punkto virtuelle Guichet, Transparenz a Publikatioun vun de Gemengegesetzter a -reglementer, Energieberodung, esou wéi duerch d'Installatioun vun zwee elektronischen Informatiounspanneauen.
2. Mir suergen dofir, datt ons Gemeng eng gréng Oas bleift, wou d'Natur an den Territoire respektéiert ginn. Mir reamenagéieren d'Gréngzone vun der Gemeng. Mir schafe Gemengegäert, déi un d'Bierger verpacht kënnen ginn a vun enger sozialer ASBL gefouert an ënnerhale ginn. Gaardegeschier soll hei gedeelt ginn. Mir schafen all gemengeneege Kiselgäert of an entsigelen, wou mir kënnen, ëffentlech Plazen. Mir studéieren d'Méiglechkeet vun engem iessbare Bësch (food forest). Mir bauen déi ekologesch Subsidien aus.
3. Mir wëlle bis 2029 op d'mannst eng Zertifizéierung vun der Stuf 3 am Klimapakt a vun der Stuf 2 am Naturpakt errechen. Mir bleiwen eng Fairtrade Gemeng, Member vum Klimabündnis Lëtzebuerg a Member vum COPIL "Mamer-Äischdall-Gréngewald". Mir gi bioregionale Produiten a Servicer e Virrang op onsem Maart an iwwer de SICONA-Projet "Natur genéissen" an der Kiche vun der Maison Relais. Esou wäit ewéi méiglech, organiséiere mir ons Manifestatiounen als offallfräi Green Events.



R.W.

ENVIRONMENT AND WELL-BEING

1. We give all our citizens the opportunity to propose projects regarding the quality of life in our commune. Therefore, we organise an annual ideas competition and provide an additional budget (e.g. construction of infrastructure, embellishment of a place by replanting). For large-scale projects, we continue to actively involve our residents through citizen participation. We continue to optimise municipal services, in particular the virtual counter, the transparency and the publication of communal laws and regulations, energy advice and the installation of two electronic notice boards.
2. We ensure that our commune remains a green oasis, in which nature and territory are respected. We rearrange the green areas of the commune. We create collective gardens that can be rented to citizens and are managed and maintained by a non-profit social organisation. Here, the sharing of garden equipment will be promoted. We remove all gravel gardens in the commune and unseal public areas wherever possible. We are investigating the possibility of cultivating a food forest. We increase ecological subsidies.
3. We aim to achieve at least a level 3 certification in the Climate Pact and a level 2 certification in the Nature Pact. We remain a Fairtrade commune, a member of the climate alliance and a member of the COPIL "Mamer-Äischdall-Gréngewald". We give preference to organic products and services from the region at our local market and through the SICONA project "Natur genéissen" in the kitchen of the Maison relais. As far as possible, we organise our events as "Green Events" in terms of waste prevention.



O. Pirrotte

4. Mir wëlle konsequent d'Notzen vun net fossillen Energiequellen ënnerstëtzen (z.B. Energie-Réckgewinnung vum Brauchwaasser bei der Kläranlag, Ausbau vun onse Photovoltaikanlagen). Mir féieren en intelligent Funknetzwerk (LoRa-WAN) mat elektronische Compteuren an, dat et der Gemeng an de Bierger erlaabt, den Energie- a Ressourcéverbrauch besser ze erhiewen an ze steieren. Mir féieren e sozial gestaffelte Waasserpräis, dee besonnesch Famillje mat Kanner entlaascht, esou wéi en Offallsreglement an, dat de Recycling an d'Offallvermeidung belount.
5. Mir setze weiderhi Mesuren am Héichwaasserschutz ëm: Opstelle vu Faschinen, Amenagementer vun de Griechten, Fërderung vu private Retentiounen, etc. Mir plangen déi 4. Stuf vun onser Kläranlag (biochemesch Behandlung). Mir verhandele mat der Stad Lëtzebuerg fir méi Kopleschter Waasser an onsen Drénkwaassereseau anzespeisen. Fir d'Mamer besser ze schützen, grënne mir mat de Gemenge Mamer a Miersch eng Flossgenossenschaft.
6. Mir setzen ons dofir an, datt d'Krittäre vun der Ëmweltfrëndlechkeet an der Energieeffizienz beim Bau an der Sanéierung vu Gemengegebaier respektéiert ginn. D'Gemeng muss an de Beräicher CO2-Neutralitéit, Kreeslafwirtschaft, Nohaltegkeet an Energieeffizienz beim Bau, etc. eng Virreiderroll spillen, och wann et munchmol méi deier ass.

4. Nous soutiendrons catégoriquement l'utilisation de sources d'énergie non-fossiles (p. ex. : exploitation thermique des eaux usées auprès de la station d'épuration, extension de notre parc photovoltaïque...). Nous introduirons un réseau LoRa-WAN et des compteurs intelligents, qui permettront à la commune et à ses citoyens de mieux suivre et gérer la consommation d'énergie et des ressources. Nous introduirons un prix d'eau échelonné qui permettra de soulager particulièrement les familles avec enfants ainsi qu'un règlement des déchets qui récompensera le recyclage et la prévention des déchets.
5. Nous continuerons à mettre en place des mesures de protection contre les inondations, comme p. ex. la pose de fascines antiérosives, l'aménagement de fossés d'effondrement, la promotion des rétentions privées, etc. Nous planifierons le traitement biochimique (4e phase) dans notre station d'épuration. Nous négocierons avec la Ville de Luxembourg afin d'accroître la proportion d'eau des sources de Kopstal dans notre réseau d'eau potable. Afin de mieux protéger le ruisseau de la Mamer, nous créerons une coopérative fluviale avec les communes de Mamer et de Mersch.
6. Nous nous engagerons à construire et rénover nos bâtiments publics selon des critères qui respectent l'environnement, le caractère durable des matériaux et l'efficacité énergétique. La commune devra jouer un rôle de pionnier dans les domaines de la neutralité CO2, de l'économie circulaire, de la durabilité et de l'efficacité énergétique dans la construction, etc., – même si cela implique parfois des coûts plus élevés.



R.W.

4. We strongly support the use of non-fossil energy sources (e.g. thermal exploitation of wastewater at the sewage plant, expansion of our photovoltaic park). We are introducing a LoRa-WAN network and smart meters, which allow the commune and its citizens to better monitor and manage energy and resource consumption. We are introducing a staggered water price that especially reliefs families with children, as well as a waste regulation that rewards recycling and waste prevention.
5. We continue to implement flood protection measures, such as anti-erosion fascines, development of collapse ditches in the forest, promotion of private retention, etc. We plan the biochemical treatment (4th phase) of our wastewater treatment plant. We are negotiating with the City of Luxembourg to increase the quantity of water from the Kopstal springs into our drinking water network. To better protect the Mamer creek, we are creating a river cooperative with the communes of Mamer and Mersch.
6. We commit ourselves to building and renovating our public buildings according to criteria that respect the environment, the sustainability of materials and energy efficiency. The commune must play a pioneering role in the fields of CO2 neutrality, circular economy, sustainability, and energy efficiency in construction, etc., - even if this sometimes involves higher costs.



O. Pirrotte

MOBILITÉIT A VERKÉIERSSÉCHERHEET

1. Mir wëlle méi Mobilitéit fir jiddereen, dofir sichen a realiséiere mir weiderhi Léisungen zum Thema Mobilitéit a Verkéierssécherheet: Allgemeng Reduktioun vun auswäertegem Trafic an de Quartieren, méi duuss Mobilitéit an der Gemeng, méi Sécherheet fir Foussgänger a Vëlofuerer, méi Confort fir Mënsche mat reduzéierter Mobilitéit. Mir passen d'Offer vum Ruffbus weider un – an aus, wann et muss sinn.
2. Fir d'Sécherheet vun de Kanner ze garantéieren, muss mir de mobiliséierten Individualverkéier bei der Schoul reduzéieren. Dofir baue mir de "séchere Schoulwee" fir Kanner aus, déi ze Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul kommen. Dat géllt och fir der Gemeng hire Schoultransport mam Bus. Den Iwwergang vun der N12 gëtt weiderhin virum Schoulbetrib um 8h00 vun zwee Gemengenaarbechter iwwerwaacht. Mir setzen ons iwwerdeems fir e gratis Schülertransport op Mamer an d'Europaschoul (Grondschoul) an.
3. Mir reduzéieren den Duerchgangsverkéier an onse Quartieren. Mir berouegen de Verkéier. Mir setzen ons weider fir eng Tempo-30-Zon am Duerfkär vu Koplescht (N12, CR101) an um Briddel (N12) an. Mir setze modal Filteren op bestëmmte Plazen an, fir de Verkéier besser ze kontrolléieren an ze steieren. Mir setzen zousätzlech verkéiersberouegend Mesuren an der Mamerstrooss, Sëllerstrooss a Mierscherstrooss ëm. Mir verhënneren all Méiglechkeete fir Ofkierzungen vu Koplescht op de Briddel iwwer d'Niewestroossen ze huelen an ëmgedrënt.

MOBILITÉ ET SÉCURITÉ ROUTIÈRE

1. Nous voulons plus de mobilité pour tous. C'est pourquoi nous continuerons à chercher et à réaliser des solutions dans les domaines de la mobilité et de la sécurité routière : réduction générale du trafic parasite dans les quartiers, plus de mobilité douce dans la commune, plus de sécurité pour les piétons et les cyclistes, plus de confort pour les personnes à mobilité réduite. Nous continuerons à adapter l'offre du Ruffbus selon la demande.
2. Afin de garantir la sécurité des enfants, nous devons réduire la circulation motorisée individuelle aux alentours de l'école. C'est pourquoi nous élargirons le "Séchere Schoulwee" pour les enfants qui viennent à l'école à pied ou à vélo. Ceci sera également nécessaire pour le transport scolaire communal en bus. La surveillance de la traversée de la N12 par deux agents communaux sera maintenue avant le début des cours scolaires à 8h00. En outre, nous solliciterons un transport scolaire gratuit pour les élèves qui fréquentent l'école fondamentale européenne à Mamer.
3. Nous réduirons le trafic de passage dans nos quartiers. Nous calmerons la circulation. Nous continuerons à nous engager pour une zone 30 km/h au centre de Kopstal (N12, CR101) et de Bridel (N12). Nous installerons des filtres modaux à des endroits précis pour mieux contrôler et orienter le trafic. Nous mettrons en place des mesures d'apaisement supplémentaires de la circulation dans la Rue de Mamer, la Rue de Saeul et la Rue de Mersch. Nous empêcherons toutes les possibilités de prendre des raccourcis de Bridel vers Kopstal et vice versa.



R.W.

MOBILITY AND ROAD SAFETY

1. We want more mobility for everyone. We are therefore continuing to seek and implement solutions in the areas of mobility and road safety: a general reduction in traffic congestion in the neighbourhoods, more soft mobility in the commune, more safety for pedestrians and cyclists, more comfort for people with reduced mobility. We continue to adapt the "Ruffbus" offer to follow demand.
2. To ensure the safety of our children, we need to reduce motorised individual traffic near the school campus. Therefore, we are extending the "Séchere Schoulwee" for children who come to school on foot or by bike. This is also true for the municipal school bus. The surveillance of the N12 crossing by two municipal officers will be maintained before the start of school at 8.00 am. In addition, we request free school transport for the pupils who attend the European Primary School in Mamer.
3. We reduce the amount of passing traffic in our neighbourhoods. We take measures to calm the traffic. We continue to ask for a 30 km/h zone in the centre of Kopstal (N12, CR101) and Bridel (N12). We install modal filters at specific locations to better control and direct traffic. We implement additional traffic calming measures in the Rue de Mamer, Rue de Saeul and Rue de Mersch. We prevent all possibilities to take shortcuts from Bridel to Kopstal and vice versa.

02



R.W.

4. Mir zeechne Vëlosweeër do an onser Gemeng an, wou et méiglech a sënnvoll ass. Mir akzeptéieren net, datt een 20 Joer muss virgesinn, wann een eng Vëlospiste baue wëll. Mir setzen ons weiderhi bei den zoustännegen Autoritéiten dofir an, datt ons Gemeng un den nationale Vëlosreseau ugebonne gëtt, z.B. Ubannung Briddel - PC15 (Bärel deng - Ettelbréck), Ubannung Briddel - PC1 (Schlâif ronderëm d' Stad Lëtzebuerg), Ubannung Koplescht - PC14 (Mamer - Miersch), Ubannung Koplescht - Briddel. Zesumme mam ORT Guttland baue mir déi touristesch Offer an der Gemeng weider aus (z.B. Wanderweeër, regional Eventer, etc.).
5. Mir stellen e Parkraumkonzept op. Dozou gehéiert e Parkingsreglement, wat dat auswäerteg Parkverhale besser reguléiert. Mir gesinn zousätzlech Opluetstationne fir Elektroautoen a Stellplaze fir de Vëlo vir. Mir verréngeren Dauerstellplaze bei der Schoul a féiere gläichzäiteg e "Kiss and Go" fir de Cycle 1 an.
4. Nous réaliserons des pistes cyclables dans notre commune selon des critères de faisabilité et de pertinence. Nous n'acceptons pas que la planification d'une piste cyclable puisse prendre 20 ans. Nous continuerons à travailler avec les autorités compétentes pour assurer que notre commune soit connectée au réseau cyclable national, p. ex. liaison Bridel - PC15 (Bereldange - Ettelbrück), liaison Bridel - PC1 (boucle autour de la Ville de Luxembourg), liaison Kopstal - PC14 (Mamer - Mersch), liaison Kopstal - Bridel. En collaboration avec l'Office Régional du Tourisme (ORT), nous continuerons à développer l'offre touristique de la commune (p. ex. sentiers de randonnée, animations régionales, etc.).
5. Nous développerons un concept local de parking. Cela inclura un règlement de stationnement de voiture des non-résidents. Nous prévoyons des bornes de recharge supplémentaires pour les voitures électriques ainsi que des places de stationnement complémentaires pour les vélos. Nous réduirons le stationnement permanent aux alentours de l'école et introduirons une bande "Kiss and Go" pour le cycle 1.



R.W.

4. We build cycle paths in our commune according to feasibility and relevance. We do not accept that the planning of a cycle can take 20 years. We continue to work with the competent authorities to ensure that our commune is connected to the national cycle network, e.g., Bridel - PC15 connection (Bereldange - Ettelbrück), Bridel - PC1 connection (loop around Luxembourg City), Kopstal - PC14 connection (Mamer - Mersch) and Kopstal - Bridel connection. In collaboration with the regional tourist office (ORT), we are continuing to develop the tourist offer of the commune (e.g., hiking trails, regional events, etc.).
5. We develop a local parking concept. This includes a parking regulation, which better manages parking habits from non-residents. We plan additional charging points for electric cars and additional parking spaces for bicycles. We are reducing permanent parking around the school and introducing a "Kiss and Go" lane for cycle 1.



architecture & urbanisme 21

KANNER A JUGENDLECHER

1. Kanner a Jugendlecher sinn d'Zukunft, dofir stelle mir bei all onsen Iwwerleeunge weiderhin hiert d'Wuel an de Mëttelpunkt.
2. Mir investéieren an d'Infrastrukture fir Kanner a Jugendlecher. Mir bauen déi nei Extenssioun vun der Maison Relais an der John-F-Kennedy-Strooss an eng nei Extenssioun vun der Grondschoul an der Schoulstrooss. Esou schafe mir weider Plaze fir d'Kanner aus der Grondschoul. Mir vergréisseren d'Crèche "Botterblumm". Dozou gehéiert e Bewegungsraum vun 100 m². Mir bauen en neit Jugendhaus um Briddel.
3. Mir ënnerstëtzen d'Schoulorganisatioun mat Hëllef vu kommunale Mëttelen. Mir bauen den Appui fir Kanner aus der Grondschoul weider aus (Aurékids, Appui an der Mathé a besonnesch am Däitschen oder Franséische fir Kanner, déi doheem guer keen direkte Besuch zu enger vun deenen zwou Sproochen hunn). Mir setzen ons dofir an, datt all Kand an der Schoul no senger Bedürfnisser betreit an integréiert gëtt. Mir iwwerschaffen an erhéijen d'Primme fir Schüler déi en Diplom am Secondaire kritt hunn.
4. Mir froen Kanner an Jugendlecher hir Meenung. Mir maache reegelméisseg Ëmfroen zu bestëmmten Themen an der Schoul an iwwerdenken, zesumme mam Schoulcomité, d'Roll vum Schülerparlament. Donieft féiere mir zesumme mam Jugendhaus e Jugendgemengerot an. D'Schüler an d'Jugend solle méi staark bei Projeten agebonne ginn, déi si betreffen.

ENFANCE ET JEUNESSE

1. Les enfants et les jeunes sont l'avenir. C'est pourquoi nous continuerons à mettre leur bien-être au centre de toutes nos réflexions.
2. Nous investirons dans les infrastructures pour les enfants et les jeunes. Nous construirons la nouvelle extension de la Maison Relais dans la Rue John F. Kennedy ainsi qu'une nouvelle extension de l'école fondamentale dans la Rue de l'École. C'est ainsi que nous créerons plus de places pour les enfants de l'école fondamentale. Nous agrandirons la crèche "Botterblumm". Ceci inclura une salle de motricité de 100 m². Nous construirons une nouvelle Maison Des Jeunes à Bridel.
3. Nous soutiendrons l'organisation scolaire avec l'aide de fonds communaux. Nous continuerons à développer l'appui pour les enfants de l'école fondamentale (Aurékids, appui en maths et surtout en allemand ou en français pour les enfants qui n'ont aucun lien direct avec l'une ou l'autre des deux langues à la maison). Nous nous engagerons à ce que chaque enfant soit pris en charge et intégré à l'école en fonction de ses besoins. Nous réviserons et augmenterons les primes pour les élèves qui ont obtenu un diplôme au sein de l'enseignement secondaire.
4. L'avis des enfants et des jeunes nous intéresse. Nous mènerons régulièrement des enquêtes sur certains sujets dans l'école et, en collaboration avec le comité d'école, nous réfléchirons sur le rôle et la fonction du parlement des élèves. De plus, en collaboration avec la Maison Des Jeunes, nous introduirons un conseil communal des jeunes. Les élèves et les jeunes devront être impliqués davantage dans les projets qui les concernent.



R.W.

CHILDREN AND YOUTH

1. Children and teenagers are the future. That is why we continue to put their well-being at the centre of all our reasoning.
2. We invest in infrastructure for children and teenagers. We are building a new extension of the Maison Relais in Rue John F. Kennedy and a new extension of the primary school in Rue de l'École. This way, we create more space for the primary school pupils. We will expand the "Botterblumm" nursery. This includes a large body movement area of 100 m². We are building a new youth centre in Bridel.
3. We support the school organisation with communal funds. We continue to offer support lessons for children in elementary school (Aurékids, support in maths and especially in German or French for children who have no direct contact with either language at home). We are committed to ensuring that each child is cared for and integrated into the school according to their needs. We review and increase bursaries for students who have graduated from secondary school.
4. We are interested in our children and teenagers' opinions. We regularly conduct surveys on certain topics at school and, in collaboration with the school committee, we reflect on the role and function of the student parliament. In addition, in collaboration with the Youth Centre, we are introducing a communal youth council. Pupils and young people should be more involved in those projects that concern them.

03



O. Pirrotte

5. Mir setzen ons fir d'Wuelbefannen an déi net-formal Bildung vun de Jonken aus onser Gemeng an. Mir finanzéiere Projeten an der Grondschoul an am Jugendhaus, déi zur Erzéiung zur Nohaltegkeet an Themen, wéi Fairtrade, Natur, Waasser, Bësch, Gaart, Klimabündnis, etc. bäidroen. Donieft féiere mir d'“Ateliers de Kopstal” fir ons Kanner vu 6 bis 12 Joer an. Doduerch fërdere mir Kultur, Konscht, Theater an aner Talenter schonn a jonkem Alter. Mir iwverschaffen de Manifestationskalenner fir Kanner, wou e Kannerfloumaart, e groust Schouffest mat Kiermes, de Chrëschtmaart mam Kleeschen an eng Kannerfuesparty hir fest Plaz fannen.
6. Mir ënnerstëtzen d'Museksschoul weider (UGDA). Mir kafe verschidden Instrumenter, déi Kanner léine kënnen, wann se an der Museksschoul ageschriwwen sinn. Mir gesinn an der Schoul um Briddel extra Säll fir, wou mir d'Museksschoul organiséieren an och weider ausbauen.
7. Mir ginn der jéngster Generatioun Plaze fir sech auszotoben. Mir erneieren a bauen ons Spillplaze konsequent aus. Mir organiséiere Kannerschwammen (stages de natation) an aner sportlech Stagen zesumme mat de lokale Partner. Veräiner déi e Kanner- a Jugendprogramm hunn, gi bei der Verdeelung vun de Subsidien am pro rata extra dofir belount.

5. Nous nous engagerons pour le bien-être et l'éducation non-formelle des jeunes de notre commune. Nous financerons des projets dans l'école fondamentale ainsi que dans la Maison Des Jeunes, qui visent à contribuer à l'éducation à la durabilité et à des questions telles que le commerce équitable, la nature, l'eau, la forêt, le jardin, l'alliance pour le climat, etc. De plus, nous introduirons les “Ateliers de Kopstal” pour nos enfants âgés de 6 à 12 ans. De cette façon, nous encouragerons la culture, l'art, le théâtre et d'autres talents dès le plus jeune âge. Nous réviserons le calendrier des manifestations pour les enfants, où un marché aux puces pour enfants, une grande fête scolaire avec kermesse, le marché de Noël avec la venue du Saint Nicolas et une fête de carnaval pour les enfants trouveront leur place.
6. Nous continuerons à soutenir l'école de musique (UGDA). Nous achèterons divers instruments que les enfants pourront emprunter s'ils sont inscrits à l'école de musique. Nous prévoyons des salles supplémentaires dans l'école de Bridel, où nous pourrions organiser et élargir l'offre de l'école de musique.
7. Nous mettrons à la disposition de la jeune génération des espaces de jeux et d'amusement. Nous renouvelons et agrandissons constamment nos aires de jeux. Nous organiserons des stages de natation pour enfants et d'autres cours de sport en collaboration avec des partenaires locaux. Les clubs qui ont un programme pour les enfants et les jeunes seront récompensés davantage au prorata lors de la distribution des subsides.



A.W.

5. We are committed to the welfare and non-formal education of young people in our community. We finance projects in elementary school as well as with the Youth Centre, which aim to contribute to education for sustainable development, such as fair trade, nature preservation, water, forest, garden, climate alliance, etc. In addition, we are introducing the “Ateliers de Kopstal” Workshops for our children aged 6 to 12. This way, we promote culture, art, theatre, and other talents from an early age. We are revising the calendar of events for children, where a children's flea market, a big school festival with a fair, the Christmas market with the visit of St. Nicholas and a carnival party for children find their place.
6. We continue to support the music school (UGDA). We are buying various instruments that children can borrow if they are enrolled in the music school. We are planning additional rooms at the school building in Bridel, where we can organise and expand the music school's offer.
7. We provide the younger generation with fun and game areas. We are constantly renewing and expanding our playgrounds. We organise swimming courses for children and other sports courses in collaboration with local partners. Clubs with a children and youth programme are rewarded proportionally more in the distribution of subsidies.



WW+, MDL, Schroeder & Associés.

NEI DUERFGESTALTUNG A KOMMODITÉITEN

1. Mir setzen ons am Kader vum Pakt Logement weider fir d'Schafe vun erschwénglechem Wunnensbau esou wéi d'Erhalen an d'Fërdere vu Wunnqualität bis 2032 an.
2. Mir schaffe weider um Duerfkär vu Koplescht. Mir setzen de Masterplang vum Kopleschter Duerfkär ëm. Dëse Plang dréit de Resultater vu Biergerbedeelegung zu Koplescht Rechnung. Mir plangen a bauen e.a. den neie Wirtspesch. Do soll och eng Plaz entstoen, wou ee Loscht huet, sech opzehalen an eppes ze iessen, drénken oder e Buch ze liesen. Mir bauen e Bypass vun der Mamer am Zentrum vu Koplescht, deen ënner der Mierscherstrooss verleeft. Am Fall vun extremem Héichwaasser soll den Niveau vun der Strooss doduerch net méi iwwerschritt ginn. Mir gesinn zu Koplescht eng bioregional Automatenepicerie vir, déi 24/24 a 7/7 ophuert. Zu Koplescht gëtt d'Vergréisserung vun der Gemengeverwaltung mat de Büro fir de techneschen Déngscht nieft dem aktuelle Gemengenhaus geplangt. Am Haus Gewelinger (fréiere Biergerzenter zu Koplescht) gesi mir eng Maison médicale oder Sozialwunnenge vir.
3. Mir entwéckelen e Masterplang fir den Duerfkär um Briddel. Mir bauen d'Servicer vum Biergerzenter um Briddel weider aus. Mir bidde spezifesche Servicer an onser gemengeneegener Conciergerie un (z.B. Botzerei a Retuschen, Schouster, Pneueservice, technesch Kontroll, Autowäsch, Parfümerie, Commandé vu Blumen a Billjeeë fir Concerten an aner Aktivitéiten, kleng Buttek), wou och d'Post e Kiosk bedreift (z.B. Courier, Verschécke vu Bréiwer a Päck, Drock vun Timberen, Ofhuele vu Päck). Mir entwéckelen e Konzept vun enger "Briddele Maarthal" am neie Gebai vun der Stugalux. Hei soll een Exploitant en Delikatessebuttek mat

NOUVEAU DÉVELOPPEMENT URBAIN ET COMMODITÉS

1. Dans le cadre du Pacte Logement, nous nous engageons pour la création de logements abordables ainsi que le maintien et la promotion de la qualité d'habiter jusqu'en 2032.
2. Nous continuerons à travailler sur le centre urbain de Kopstal. Nous mettrons en œuvre le plan directeur du centre urbain de Kopstal. Ce plan tiendra compte des résultats de la participation citoyenne. Nous planifierons et construirons e.a. le nouveau Centre Wirtspesch. Il devrait également y avoir un endroit qui invite à se poser pour manger, boire ou lire un livre. Nous construisons un bypass de la Mamer au centre de Kopstal, qui passera sous la Rue de Mersch. En conséquence, la Mamer ne devrait plus dépasser, en cas de crues extrêmes, le niveau de la route. Nous envisagerons une épicerie d'automates bio-régionale à Kopstal qui sera ouverte 24h/24 et 7j/7. À Kopstal, l'extension de la Mairie pour l'administration et le service technique sera planifiée à côté du bâtiment communal actuel. Dans la maison Gewelinger (ancien bureau de la population à Kopstal), nous envisagerons un centre médical ou des logements sociaux.
3. Nous développerons un plan directeur pour le centre urbain de Bridel. Nous continuerons à développer les services du bureau de la population à Bridel. Nous proposerons des services spécifiques dans notre conciergerie communale (p. ex. nettoyage et retouches, cordonnier, service pneus, contrôle technique, car-wash, parfumerie, commandes de fleurs et de billets pour concerts et autres animations, petite boutique), où la Poste exploitera également un kiosque (p. ex. courrier, envoi de lettres et de colis, impression de timbres, ramassage de colis). Nous développerons un concept pour les



R.W.

NEW URBAN DEVELOPMENT AND COMMODITIES

1. Within the framework of the Housing Pact, we are committed to the creation of affordable housing and the maintenance and promotion of the quality of living until 2032.
2. We continue to work on the Kopstal town centre. We are going to implement the master plan for the Kopstal town centre. This plan takes into account the results of the citizen participation. We are going to plan and build, for example, the new "Wirtspesch" Centre. There should also be a place that invites you to eat, have a drink or read a book. We are building a bypass of the river Mamer in the centre of Kopstal, which passes under Rue de Mersch. As a result, in the event of extreme floods, the flood waters should no longer exceed the level of the road. We are planning a vending machine shop with regional and organic produce in Kopstal, which will be open 24/7. The extension of the town hall for administrative and technical services is planned next to the current town hall in Kopstal. In the "Gewelinger house" (former population office in Kopstal) we are planning a medical centre or social housing.
3. We are going to develop a master plan for the town centre of Bridel. We continue to expand services of the population office in Bridel. We offer specific services in our communal conciergerie (e.g., cleaning and alterations, shoemaker, tyre service, technical inspection, car wash, perfume shop, orders for flowers and tickets for concerts and other events, small boutique), where the post office also operates a kiosk (e.g., mail, sending letters and parcels, printing stamps, collecting parcels). We are developing a concept for the "Halles de Bridel" in the new Stugalux building. Here, an operator should run a delicatessen with a small restaurant



witry & witry architecture urbanisme

- klenger Restauratioun bedriewen (ouni Kichen op der Plaz) an och Plaz fir ëffentlech Servicer a Manifestatiounen am Kultur- a Fräizäitberäich Entstoen.
4. Mir bauen d'Sportsinfrastrukturen zu Koplescht an um Briddel weider aus. Mir bauen eng nei Tennishal, déi och fir aner Sportarten gebraucht ka ginn (z.B. Pilates, Fitness, Yoga, Turnen, etc.) Mir renovéieren a vergréisseren de Petanqueterrain um Briddel. Mir plangen e Beachvolleyballterrain zu Koplescht beim Fussballterrain. Mir setzen eng Statioun fir Véloen ze wäschen an ze flécke bei de Fräiheitsbam op Koplescht an eng bei de Kierfecht op de Briddel. Mir entwerfen en neit Konzept fir d'Sportinfrastrukturen zu Koplescht ronderëm de Fussballterrain. Mir bauen e klengt Parkhaus mat 2 Stäck nieft dem Fussballterrain zu Koplescht. Op den Daach kënnst eng nei Buvette mat de Vestiaires an Dusche fir d'Spiller.
 5. Zesumme mam INPA (Institut National pour le Patrimoine Architectural) plange mir weiderhin d'Renovatiounsaarbechte vun onsen zwou national geschützte Kierchen. Mir bauen déi nei Morgue um Briddel a renovéieren de Kierfecht zu Koplescht. Wann de Bistum déi Kopleschter Kierch desakraliséiere wëll (d'Initiativ geet net vun der Gemeng aus), wäerte mir ons dofir asetzen, datt d'Gebai renovéiert an an Zukunft respektvoll genotzt ka ginn.
 6. Mir bauen den neie Gemengenatelier an der Rue des Champs.

“Halles de Bridel” dans le nouveau bâtiment de la Stugalux. Ici, un exploitant devrait animer une épicerie fine avec une petite restauration (sans cuisine sur place). Ce local intégrera aussi un espace pour des services publics dans le domaine de la culture et des loisirs.

4. Nous développerons encore les infrastructures sportives à Kopstal et à Bridel. Nous construirons un nouveau hall de tennis, qui peut également être utilisé pour d'autres sports (p. ex. Pilates, fitness, yoga, gymnastique, etc.) Nous rénovons et agrandirons le terrain de pétanque à Bridel. Nous prévoyons un terrain de Beachvolley à côté du terrain de foot à Kopstal. Nous installerons une station de lavage et de réparation de vélos près de l'Arbre de la liberté à Kopstal et une autre près du cimetière à Bridel. Nous concevons un nouveau concept pour l'infrastructure sportive autour du terrain de football à Kopstal. Nous construirons un petit parking à deux niveaux à côté du terrain de football à Kopstal. Sur le toit de celui-ci, il y aura une nouvelle buvette avec des vestiaires et des douches pour les joueurs.
5. En collaboration avec l'Institut National pour le Patrimoine Architectural (INPA), nous planifions et exécuterons les travaux de rénovation de nos deux églises qui sont toutes les deux sous protection nationale. Nous construirons la nouvelle chapelle ardente de Bridel et rénovons le cimetière de Kopstal. Si l'Archevêché veut désacraliser l'église de Kopstal (l'initiative ne vient pas de la commune), nous nous engageons pour que le bâtiment soit rénové et puisse être utilisé tout en respectant le caractère et la dignité des lieux.
6. Nous construirons le nouveau Hall technique dans la Rue des Champs.



A + T architecture, Claudine Arend - Anouk Thill

(without cooking on site). This spot will also offer space for public services in the field of culture and leisure.

4. We continue to develop the sports infrastructure in Kopstal and Bridel. We build a new tennis hall, which can also be used for other sports (e.g., Pilates, fitness, yoga, gymnastics, etc.). We are planning a beach volleyball court in Kopstal next to the football field. We set up a bicycle washing and repair station near the “Freedom Tree” in Kopstal and another near the cemetery in Bridel. We design a new concept for the sports infrastructure in Kopstal around the football field. We build a small car parking on two levels next to the football field in Kopstal. On the roof, there will be a new club bar with changing rooms and showers for the players.
5. In collaboration with the national institute for architectural heritage (INPA), we plan and execute the renovation of our two churches, both of which are under national protection. We are building the new burial chapel in Bridel and renovating the cemetery in Kopstal. If the Archdiocese wants to desecrate the church in Kopstal (the initiative does not come from the commune), we work to ensure that the building is renovated and can be used while respecting the character and dignity of the place.
6. We build the new technical hall in the Rue des Champs.

› ALLGEMEINE BEBAUUNGSPLANG (PAG)
› PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL (PAG)
› GENERAL CONSTRUCTION PLAN (PAG)

- Mir ginn den neie PAG an den 2. Vott vun Gemengerot a probéieren heibäi, de Remarque vun all onse Bierger esouwäit ewéi méiglech Rechnung ze droen. Heibäi ass et wichteg, dee richtege Mix ze fannen tëschent Wunnqualität, abordablem Wunnengsbau, Geschäfte an anere Kommoditéiten, Mobilitéit a Respekt vun der Natur. De PAG soll dee richtege Kader bidde fir ons Liewensqualität an Zukunft ze erhalen.
- Nous introduirons le nouveau PAG au 2e vote du conseil communal et essayerons, dans la mesure du possible, de prendre en compte les remarques de tous nos citoyens. Dans ce dossier, il sera important de trouver le bon dosage entre qualité de vie, logement abordable, commerces et autres commodités, mobilité et respect de la nature. Le PAG devra fournir le cadre adéquat pour préserver notre qualité de vie dans le futur.
- We submit the new general construction plan (PAG) to the 2nd vote of the town council and try to take into account the comments of all our citizens as much as possible. In this matter, it is important to find the right mix between quality of life, affordable housing, shops and other commodities, mobility, and a respect for nature. The PAG must provide the right framework to preserve our quality of life in the future.



R.W.

SOZIALES A KULTUR

1. Mir ënnerstëtze weiderhin den abordabele Wunnengsbau um Terrain vun der Gemeng. Mir schafe Sozialwunnengen am Gewännchen am Kopleschter Duerfkär. De soziale Wunnengsbau bleift an ëffentlecher Hand. Mir ënnerstëtze weiderhin d'Integratioun vun de +/-40 Demandeurs de protection internationale (DPI) an de +/-40 ukrainesche Flüchtlingen, déi bei ons an der Gemeng wunnen.
2. Mir setzen ons konsequent dofir an, datt eeler Leit esou laang wéi méiglech an hirem vertrauten Ëmfeld wunne bleiwe kënnen. Dofir baue mir d'Servicer, d'Weiderbildungsoffer an d'Fräizäitméiglechkeete fir Seniore weider aus (z.B. Gemengeconciergerie, Iessen op Rieder, Rentnerfeier, Coursen, Busnavette, Ausflug, Conciergerie, CIGL, Seniorentreff). Mir setzen ons op der Schanz dofir an, datt Wunnenge fir Seniore gebaut ginn, déi a Gemengenhand bleiwen.
3. Mir sti weiderhi fir d'Ëmsetze vum Pakt vum Zesummeliewen. Doraus ergëtt sech e kommunalen Integratiounsplang mat spezifesche Projeten, déi lokal ëmgësat ginn (z.B. Welcome-Brunch, Dag vun den neie Lëtzebuerger, Integratioun vun de Flüchtlingen, Sproochcourse fir Flüchtlingen, Coursen iwwer Officeprogrammer, Opstelle vun enger Welcome-Broschür, etc.). Heibäi bleift et wichtig, datt ons Awunner mat oder ouni Immigratiounshannergrond zesumme schaffen, fir e gudden internationalen an interkulturellen Austausch weider ze erhalen.

SERVICES SOCIAUX ET CULTURE

1. Nous continuerons à soutenir la construction de logements abordables sur le territoire de la commune. Nous créerons des logements sociaux à Bridel (Gewännchen) et à Kopstal (centre urbain). Le logement social devra rester entre les mains publiques. Nous continuerons à soutenir l'intégration des +/-40 demandeurs de protection internationale (DPI) et des +/-40 réfugiés ukrainiens qui vivent dans notre commune.
2. Nous nous engagerons résolument pour que les personnes âgées puissent rester le plus longtemps possible dans l'environnement qui leur est familier. Voilà pourquoi nous continuerons à développer les services, la formation continue et les activités de loisirs pour les personnes âgées (p. ex. conciergerie communale, repas sur roues, fête des retraités, cours, navette de bus, excursions, CIGL, club senior). Nous nous engagerons à construire des logements pour les personnes âgées, qui resteront entre les mains de la commune (Op der Schanz).
3. Nous poursuivrons la mise en œuvre du Pacte du vivre ensemble. Cela se traduira par un plan communal d'intégration qui inclura des projets concrets qui seront mis en œuvre localement (p. ex. Welcome-Brunch, journée des nouveaux Luxembourgeois, intégration des réfugiés, cours de langue pour les réfugiés, cours sur les programmes bureautiques, création d'une brochure d'accueil, etc.). Dans ce contexte, il restera important que nos résidents, issus ou non de l'immigration, travaillent ensemble pour maintenir un bon échange international et interculturel.



O. Pirrotte

SOCIAL SERVICES AND CULTURE

1. We continue to support the construction of affordable housing in the commune. We create social housing in Bridel ("Gewännchen") and in Kopstal (urban centre). Social housing must remain in public hands. We continue to support the integration of the +/-40 applicants for international protection (IPR) and the +/-40 Ukrainian refugees living in our commune.
2. We are strongly committed to ensuring that elder people can remain in their familiar surroundings for as long as possible. Therefore, we continue to develop services for seniors, further education and leisure activities for senior citizens (e.g. municipal conciergerie, meals on wheels, pensioners' festival, courses, bus shuttle, excursions, CIGL, senior club). We are committed to building housing for the elderly, which remain in the hands of the commune (Op der Schanz)
3. We continue to advocate the implementation of the Living Together Pact. This implies a communal integration plan that includes concrete projects that are implemented locally (e.g., Welcome-Brunch, New Luxembourgers' Day, integration of refugees, language courses for refugees, courses about office programmes, creation of a welcome brochure, etc.). In this context, it remains important that our residents, with or without immigration background, work together to maintain a good international and intercultural exchange.

05



O. Pirrotte

4. Zesumme mam Office social (OSCM) ënnerstëtze mir Bierger vun all Alter, déi existenziell Problemer hunn. Mir ginn hinnen Informatiounen a bidde punktuell Hëllef un. Wa sozial Primme vum Staat ausbezuelst ginn, si mir kloer dofir, datt d’Gemeng weiderhin en zousätzlechen Deel bäileet (z.B. Grompergeld oder Energieprimm).
5. Mir bauen déi kulturell Offer an der Gemeng weider aus an ënnerstëtzen d’Kulturasbl substantiell. Mir organiséieren all Joer e grouse Chrëschtmaart, en thematesch Schoulfest fir d’Kanner an hir Familljen, d’Fête de la musique, de KoBri-Rallye an vill aner Manifestatiounen. Mir maachen an engem Joer zwou Editiounen vun den “Ateliers de Kopstal”.
6. Mir ënnerstëtze weiderhin d’Clibb an d’Veräiner aus der Gemeng mat Subsidien a materiellen Uschafungen déi si bei der Gemeng ausléine kënnen (z.B. Bar op Rieder, Spullweenchen, Toilettewon). Mir vereinfachen de Locatiounssystem vun de Säll, déi d’Gemeng verlount.
7. Mir ënnerstëtzen den Zesammenhalt an der Noperschaft a schafen, Plazen am ëffentleche Raum, wou een sech treffe kann, wéi z.B. eng Grillplaz. Mir stellen onsen Awunner eng Noperschaftsapplikatioun (z.B. Hoplr) zur Verfügung, déi hinnen et vereinfacht, fir mat hire Noperen a Kontakt ze trieden an ze bleiwen, Géigestänn auszuléinen oder ze deelen, ëm Hëllef ze froen oder sech géigesäiteg iwwer Aktivitéiten an der Noperschaft um Lafenden ze halen.
4. En collaboration avec l’Office Social (OSCM), nous accompagnerons les citoyens de tout âge qui ont des problèmes existentiels. Nous leur fournirons des informations et offrirons des aides adaptées à leur situation. Si l’État verse des allocations sociales, il est évident que la commune continuera à verser un montant supplémentaire (p.ex. allocation de vie chère ou prime d’énergie).
5. Nous élargirons davantage l’offre culturelle de la commune et soutiendrons considérablement la Kulturasbl. Chaque année, nous organiserons un grand marché de Noël, une fête scolaire à thème pour les enfants et leurs familles, la Fête de la musique, le KoBri-Rallye et beaucoup d’autres événements. Nous organiserons deux éditions des “Ateliers de Kopstal” par an.
6. Nous soutiendrons les clubs et les associations locaux par des subventions tout comme par des acquisitions de matériel qu’ils pourront emprunter auprès de la commune (p.ex. remorque bar, remorque lave-vaisselle, remorque toilettes). Nous simplifierons le système de location des salles propres à la commune.
7. Nous soutiendrons la solidarité entre voisins et créons des lieux de rencontre dans l’espace public, comme p.ex. une aire de barbecue. Nous mettrons à la disposition de nos résidents une plateforme numérique de voisinage (p.ex. Hoplr) qui leur permettra plus facilement de se connecter, de rester en contact, d’emprunter ou de partager des objets, de demander de l’aide ou de se tenir au courant sur les activités du quartier.



O. Pirrotte

4. In collaboration with the Social Office (OSCM), we support citizens of all ages who have existential problems. We provide them with information and offer them assistance that fits their situation. If the government pays out social benefits, the commune will of course continue to pay an additional amount (e.g., cost-of-living allowance or energy bonus).
5. We continue to expand the cultural offer of the commune and support the Kulturasbl considerably. Every year, we organise a huge Christmas market, a themed school festival for children and their families, the Music Festival, the KoBri-Rallye and many other events. We organise two editions of the “Ateliers de Kopstal” per year.
6. We support local clubs and associations with subsidies as well as with the purchase of equipment that they can borrow from the commune (e.g. bar trailer, dishwasher trailer, toilet trailer). We simplify the system of renting out the town’s own halls.
7. We support solidarity between neighbours and create meeting points in the public space, e.g. a barbecue area. We provide our residents with a digital neighbourhood platform (e.g., Hoplr) that makes it easier for them to connect, stay in touch, borrow, or share objects, ask for help or keep up to date on neighbourhood activities.

MIR HU VILL GEMAACH. A MIR HUNN NACH VILL WËLLES.

NOUS AVONS RÉALISÉ BEAUCOUP DE PROJETS. ET NOUS VOULONS EN RÉALISER BEAUCOUP D'AUTRES.

WE HAVE COMPLETED MANY PROJECTS. AND WE WANT TO DO MANY MORE.



Jennifer BINTENER



Léon GLODT



Simone
HÉDO ép. DE BOURCY



Olivier MEYERS



Anaïs Sara
RASTEGAR



Touraj RASTEGAR



Véronique SCHEER



Tom SCHOR



Thierry SCHUMAN



Chloé VAUDOIS



Raoul WEICKER



INTERNET



FACEBOOK



LËSCHT
4



KOPLESCHT-BRIDDEL

CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI



Jennifer BINTENER		
Léon GLODT		
Simone HÉDO ép. DE BOURCY		
Olivier MEYERS		
Anaïs Sara RASTEGAR		
Touraj RASTEGAR		
Véronique SCHEER		
Tom SCHOR		
Thierry SCHUMAN		
Chloé VAUDOIS		
Raoul WEICKER		



INTERNET



FACEBOOK



CSVKopleschtBriddel



koplescht-bridde.l.csv.lu



koplescht-bridde.l.csv.lu